# POLLY MORBID 4:

## The Adventures of Omi!

Ier d'Omi sech ka bei den Hoffmann-Spill eng Tupperwaresdous kafe goen, muss si fir d'éischt op der Bank Suen ophiewen.







Dat heescht d'Bank huet keng Sue méi. Wéinst de Bankraiber*innen. Wann d'Bank keng Sue méi huet, da brauch och kee méi eng Bank ze iwwerfalen.


A wien iwwerfalen se dann?, freet d'Omi. Omien, äntwert de Mann.

Wann d'Omi elo eng Milliard oder sou an der Täsch hätt, da kéint d'Bank hir eventuell behëlleflech sinn, fir déi lasszeginn, mee wann si just 20 Euro brauch, fir sech eng Tupperwares-Dous ze kafen, da muss si eraus un den Apparat.

De Mann hannert dem Guichet mengt, dass eng Omi net weess, wéi esou en Apparat funktionéiert. Et ass ganz einfach en Apparat ze bedéngen. De Mann kann sech guer net virstellen, wat si schonn alles un Apparater bedéngt huet. All 10 Joer koum en neien Apparat derbäi an all Kéiers huet d'Omi e bedéngt.




Si konnt mat der Hand bitzen an op der Maschinn, si konnt nach en Telegramm opginn an e Fax schécken, si konnt e Feier ouni Fixfeier maachen an e Gasuewen ufänken an eng Mikrowell. Et sinn net d'Apparater, déi kompliziéiert sinn, et sinn d'Mënschen, well et fir déi keng Beschreiwung gëtt.



Ären Apparat, seet si zum Mann, deen elo esou modern ass, iwwer dee laachen se an zwanzeg Joer an dann ass dee ganze Buttek hei Apparat-less an och Mann-hannert-dem-Guichet-less. Da gëtt et just nach de Wand dee bléist, wéi um éischten Dag, wou d'Welt nach plakeg war wéi de Velosziklist*innen hir raséiert Schinnebeen. A wann der main Numm an de Wand pëspert, seet d'Omi, da kommen ech, a mir spillen zesummen eng Partie Monopoly.

WELL ESOU ENG OMI, EGAL WÉI POLYMORBID, DÉI ASS MÉI WÄERT WÉI ALL MILLIOUNE VUN DER WELT!